

Lëtzebuerg, de 5. Dezember 2022

Här Meisch, Respekt fir eise Beruff gesäit anescht aus !

Groussen Zäitdrock duerch Ännerung vum Examenskalenner

Op Wonsch vun der nationaler Schülervereenegung CNEC huet den Educationminister de Kalenner fir den Oflaf vum Premièresexame fir d'Summersessioun 2023 op d'Kopp gehäit. Während ursprénglech alleguer déi schrëftlech Epreuve virun der Päschtvakanz sollte geschriwwen ginn, an no der Päschtvakanz „nëmmen“ nach déi mëndlech Epreuve sollte stattfannen, esou goufen elo 3 Deeg mat schrëftlechen Epreuven op no der Päschtvakanz verluecht.

Während dës Ännerung fir d'Primaner bedeit, dass si e puer Deeg méi laang Zäit hu fir ze léieren, esou bedeit se fir vill Enseignanten immensen Zäitdrock !

Well d'Examensnotte bis allerspéitstens den 13. Juni mussen elektronesch agedroe sinn, kënnen fir d'Epreuve vum 5., 6. a 7. Juni **net ewéi gewéinlech déi original Examenskopie vun de Schüler fir d'Triple correction uechtert d'Land geschéckt** ginn, mee mussen nom Examen direkt am jeeweilege Lycée duebel kopéiert ginn. Dës Kopie ginn dann un den zweeten an drëtten Korrekter geschéckt. Ob e puer Dausend faarweg Kopien, déi no e puer Deeg fir ëmmer an den Archive verschwonne wäerten, an Zäite vu globaler Klimakris a Ressourceknappheet gerechtfäerdegt sinn, léisst sech zumindest bezweifelen. **Wat ass aus de Fridays for Future - Revendicatiounen ginn?**

Déi besoten Ännerung vum Examenskalenner setzt vill Enseignanten ënner groussen Zäitdrock, well si d'Korrektur vun all hiren Examenskopien innerhalb vun enger vill méi kuerzer Zäit wäerten mussen ofgeschloss hunn, wéi dat an deene vergaangene Joerzénge de Fall war. Dass seng Entscheidung een **negativen Impakt op d'Gesondheet vu villen Enseignanten** wäert hunn, schéngt de Minister net gestéiert ze hunn.

Well deene betroffenen Enseignanten dee Moment kaum **Zäit wäert bleiwen, fir d'Schoulstonnen op all hiren anere Klasse (7^e bis 2^e) grëndlech virzebereeden**, wäert et zwangsleefeg och zu engem **Qualitéitsverloscht vum Unterrecht zu Laaschte vun dëse Schüler** kommen. Och dat schéngt de Minister a Kaf ze huelen.

Obwuel d'Enseignantë fir de reiwungslosen Oflaf vum Premièresexamen entscheidend sinn, huet de Minister et net fir néideg empfonnt, mat hire Verrieder ze schwätzen, éier hien eng Decisioun zum Examenskalenner geholl huet. Dat bedeit entweder, dass **de Minister sech net bewosst ass, wéi een Impakt seng Entscheidung op déi betroffenen Enseignanten an all aner Schüler huet**, oder dass et him egal ass.

Här Meisch, Respekt fir eise Beruff gesäit anescht aus !

Fir d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP soll beim Premièresexamen de Schüler am Mëttelpunkt stoen. Dofir si mir net kategoresch géint eng Upassung vum Examenskalenner am Interessi vun de Primaner a mir sinn iwverzeegt dovun, dass mir am konstruktiven Dialog mam Educatiounsminister eng Léisung fonnt hätten, déi alle Schüler zegutt komm wär, ouni awer gläichzäiteg op d'Käschte vun der Gesondheet vun den Enseignanten ze goen an d'Qualitéit vun allen anere Schoulstonnen ze hypothekéieren.

Fir ze rette, wat nach ze retten ass, stellt d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP am Zesammenhang mat deene schrëftlechen Epreuve vum 5., 6. a 7. Juni 2023 déi folgend **zwou Fuerderungen** un den Educatiounsminister Claude Meisch:

- **Den Delai fir d'Examensnotte vun den Epreuven no Päischten anzeschreiwen soll ëm e puer Deeg no hanne verréckelt ginn!**
- **Fir d'Kopéiere vun den Examensblieder ze beschleunegen, sollen d'Schüler op eenzel DIN A4 - Blieder mat speziellem Kopéierrand schreiwen, amplaz op duebel Fardeblieder!**

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP